N°3 16ten November 1941

# De "Freie" Lötzeburger

Mir wölle bleiwe wât mir sin

Telefon : N° 12-34 Telegramadr. : Deflö

Nationalistescht Oppositio'nsblad

erschéngt regelme'sseg onregelme'sseg

Verantwortleche Redacter : Déngens Dömmy Verwaltong : Prisong am Grond

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau

C.W.O.II C.E.G.M. BG 192

*So' secher we' ons d'Bîerger wénken*
*könnt d'Freihêtssonn èn Dag ons blénken*

## ----- LÖTZEBURGER A BELGIEN -----

Onse Bre'sseler Correspondent hûet ons en Exemplar geschéckt vum dém famo'se

RUNDBRIEF

an alle Luxemburger in Belgien

dèn d' "Volksdeutsche Bewegung Luxemburg in Belgien" de dato 8.September 1941 un de' Lötzeburger geschéckt hûet, de' sech der V.d.B. nach net ugeschloss hun. Op dè Bre'f aus der Fieder vum Här P. stâmt wösse mir net, op jidde Fall ass e vun him önnerzêchent, an Text an Ennerschröft gleiche sech ganz. Elauter Gequatsch vun A bis Z. De' Leid, de' do um Ruder sin, sin net wert dat mir ons Zeit mat hinne verle'eren. An dach könne mir d'Geléenhêt net eriwer gohe lossen, o'ni op gewösse Ponkten vun dém Bre'f anzegohn.

Op S.I, par.2, stêt geschriwen : Es ist vorbei mit der alten Zeit, wo wir Gottes Wasser über Gottes Land laufen liessen, und wir ruhig zusahen wie über unser weiteres Geschick die Grossmächte verhandelten. Wir wollen unser Schicksal selbst in Händen nehmen, wir wollen uns miteingliedern, uns dahin stellen wohin wir nach Rasse, Blut und Sprache hingehören.

Bong, Scho'ster ! Mir si ganz berêt onst Geschéck selwer an d'Hand ze hûelen, we' mir et bis virum Krich gewinnt woren ze machen. Fir dât ower dûrchsetzen ze können ge'we mir de' "Häre" bîeden ons a Ro' ze lossen an, wann ons Kichen hinnen net schmâcht, hirer Wé ze gohn an eso' hûrteg we' migelech. Et ass natirlech vill Tuppi erfûerdert vun ons ze verlângen, mir sollen onst Geschéck selwer an d'Hand hûelen, wo' mir dach mat gebonnenen Hänn a mat engem Maulkûerf D.R.P. do stin.

Op S.I,par.6, hêscht et : Seit der Name Lützelburg in der Geschichte auftaucht, sind wir Deutsche gewesen.

En Dreck och ! Mir woren nach niemols deitsch. Wo'er ass ower dat 4 Lötzeburger de' deitsch Kro'n gedroen hun. Wann dir d'Geschicht net kennt oder net verstitt, da lîest nömmen dem Dicks sei bekannt Lid: Zu Lötzeburg stong d'Siegfriedsschlass.- Ass e Lötzeburgur ze fannen, dèn a sengem Lîewen net 100 an 1000 mol gesong hûet : "Mir wölle jo keng Preise sin" ? Hat dir gemengt mir hätten dât vergîes ?

Dann hêscht et weider : Mit unsern deutschen Brüdern haben sie vereint gegen die Franzosen gekämpft, die als Gegner in unser Land einfielen. Wer von Euch wüsste nicht mehr was der Klöppelkrieg war.

Dorop äntwere mir îech dât elei : Et stömmt dat enger 100 e's-lécker Baueren sech opgehûewen hun fir d'Franso'sen ze klappen. Et stömmt ower och dat 1914 iwer 3000 lötzeburger Jongen freiwölleg hirt Blutt hu

gin fir de preiseschen "Eindringling" ze klappen. Wann ons Göllefrâ îech et fir den Abléck net me' ka beweisen, da fannt dir et dach an der Geschicht geschriwen. An dir könnt ons glêwen, mir ge'wen der haut nach me' we' 50.000 fannen fir îech Preisen iwer d'Musel ze geheien.

S.2,par.2 : Mir wöllen net bestreiden dat den Artikel vum "Luxemburger Wort" net erschéngen ass. Ower, dir Häre vun der V.d.B.,losst îech soen dat am Jor 1848 an Deitschland aner Zo'stänn woren we' 1941. Dèmols wir et net eso' schwe'er gewîescht sech mat Deitschland ze ènegen, ze verstoen. De' Leid, de' dèmols an Deitschland un der Spötzt woren, haten nach eng Onz Verstand. Ower haut ?

S.2,par 5 : Ist die Volksdeutsche Bewegung Luxemburg notwendig ?

Gewöss ass sie ne'deg fir îech aner, well dir gesitt dat de Lötzeburger sech hir nömmen uschle'sst, wann e mat Klöppelen dra gedriwe get. Wann d' V.d.B. bele'ft wir, hätt dir d'Lötzeburger net brauchen mat Gromperen ze lackelen.Ne'deg ass se och, dat dir arem Deiwelen èr Plätzchen net sollt verle'eren. Wo' ge'ft dir nach eng fannen ? - Fir ons aner, verstitt ons gutt, ka sie begrûewe gin. Wat e'schter, wat le'wer.

Der Luxemburger sah den höchsten Sinn des Lebens darin, es möglichst gut zu haben.

Der Deiwel nach ! Mir Lötzeburger si gewinnt ze schaffe fir ze lîewen, an de Preiss lîewt fir ze schaffen. Do ass d'Differenz vum Ennerschêd.

A wa mir èn Dag Preiss sollte gin (wât, ofgesi vun îech, kê wöllt glêwen nach wönschen), da wir et aus man gudde Lîewen. An dûerfir, dir arem Gêschter, wîere mir ons bis op de' lescht Dröpps Blutt.

S.3,par.4 : Wann de se'legen Här Staatsminister Paul Eyschen an der Zeit gesot hûet : "Die luxemburger Unabhängigkeit war nur ein Zufallsprodukt, entstanden aus den Eifersüchteleien und Kuhhändel der europäischen Mächte und Dynastien",da musse mir ageston, dat dè Ko'handel fir onst Land nach lâng net schlecht wor, an dat mir le'wer en 2. Ko'handel me'chen we' vum 3.Reich ofgeschléckt ze gin. Wann dir V.d.B. 's Männercher nun ower le'wer ap Deitschland wöllt gohn, kê vun ons wöllt îech zréckhâlen. Am Fong ass et besser elo, da braucht dir îech nom Krich net aus dem Stöpps ze man.

Fir ofzeschle'ssen nach dât elei : Wann dir d'Absecht hûet en zwête "Rundbrief" erausgezin, da gitt fir d'e'scht an d'Owesscho'l. Do könnt dir îech, wat d'Redaktio'n ubelângt, nach vill verbesseren.

Déngens Dömmy.

---

Vu verschiddener Seit si mir gefrot gin wat de' Buchstawe bedeiten, de' op de Schölter vun de preiseschen Autoe stin, an och de' Ofkîrzongen de' de Naziregime agefo'ert hûet.

Mir sin natirlech ganz berêt ons Frönn an Abonnenten opzeklären, so'vill an eso' hurteg we' et ons migelech ass. Op ons telephonesch Ufro hûet d'Gauleiteramt ons gângs offizielle Beschêd gin. Hei sin e pûer vun dénе villen Ofkîrzongen, mat den ne'degen Explikatio'nen :

| | | |
|---|---|---|
| Q | bedeit | Rindviehzentrale |
| H B | " | Horcher-Bildungsanstalt |
| H J | " | Hängt die Juden |
| I A | " | Eselzüchterei |
| I T | " | Italienische "Touristen" |
| I M | " | Israelitische Mobilien |
| I P | " | Inländische Pressefreiheit |
| I Z | " | Irren-Zelle |
| M B | " | Mobile Bedürfnisanstalt |
| R P | " | Raub-Polizei |
| S A | " | Sitten-Abteilung |
| S S | " | Sabbath-Schänder |

Belgian War Press

C. W. O. II
C. 2. C. M.

V H bedeit Venerische Heilmittel
W H " Wir Hungern
W L " Wir Lügen
W M " Wir Morden

Fortsetzong eng aner Ke'er

Mir bîeden îech all de'. Bezêchnongen auswenneg ze le'eren.

---- STÂRK PÖLLEN ----

De' mêscht Abdikten si vun "onse Mêschteren" zo'gemacht gin. Wât ass doerhannert ?

Et ass gesot gin d'Preise könnten ons lötzeburger Porje'erpöllen net verdron, sie wiren hinnen ze stârk. Soll dât d'Ursâch sin ?

---- NEI ARRESTATIO'NEN ----

800 brâw Lötzeburger sin de' lescht Dég arrete'ert gin. Et sin der bal elauter de' net an der V.d.B. sin.

Zo' Dickerech si 5 nei Büroen opgemacht gin, wo' onse Patrioten de Wûrm aus der Nûes gezu get. Mat sengem Terror wöllt de Preiss sie eso' möll machen, dat sie sech Enn der Sâch entschle'ssen der V.d.B. beizetrîeden.

----STÂRKEN TUBAK----

Zönter Ufank November sin d'Preisser vun Tubak, Zigaretten an Zigaren 50 % erhe'cht gin.

Et könnt nach eso' weit, dat èn dém anere seng "Jick" le'ne gêt.

---- QUETSCHEN OCH ----

D'Preisser vum Alkohol sin dûeble'ert gin.

Et wir elo net gutt Môkrämp ze kre'en.

---

Lötzeburger Parole : AUSHALEN AN D'MAUL HALEN !

---

--- Och de Batty glêft net un dem Hitler sei " Sieg" ---

An engem klengen Dûerf, no bei der belscher Grenz, wor bei engem Bauer en deitschen Zaldot (Fritz) aquarte'ert.

Den Zaldot ko'm grad vu sengem Urlaub aus Deitschland erem, wo' hîe gesin hûet we' d'Leid dohanne sech mussen de Rim zo'ze'en. Hîen dûecht hîe könnt de Bauer derzo' kre'en, him gewösse Lîewensmöttel, de' an Deitschland net opzetrompe sin, ze verkafen fir se senger Familjen ze schécken.

Ge'nt 5 Auer mûerges ko'm den Zaldot an d'Stuff, wo' de Bauer am gâng wor eng Brach eranzefeieren îer en op d'Feld gefûer ass. An d'Gespre'ch gong un :

Fritz : Heil Hitler ! Na, wie geht's Herr Wirt ?
Sie hab'n die Pferd' schon angeschirrt !
Sie geh'n so frühe schon ins Feld !
Warum ? Der Acker ist bestellt.

Batty : Bîed onser Herrgott a se'f fro'
dat onse lötzeburger Plo'
îech aner eppes z'îesse göt,
soss ke'mt dir all jo aus dem Schrött.

Fritz : Herr Wirt, sind Sie nicht böse mir,
ich möchte immer bleiben hier.
Bei uns zu Hause ist es schlimm.

Batty : Gitt bei den Hitler, sot et him.

Fritz : Es herrscht im Volke grösste Not,
es fehlt an Butter, Speck und Brot.

Batty : Dir hûet d'Kano'ne virgezun.
We' soll ech mat îech Matlêd hun ?
Fritz : Das Volk ist doch nicht Schuld daran.
Batty : Wann 't d'Volk net ass, wîen ass et dann ?
Dir hûet den Hitler jo gewielt,
hei hätte mir him d'Schn....ersîelt.
Fritz : Wir ernten nun was wir gesät,
es ist gescheh'n ,es ist zu spät.
Herr Wirt, nur kein versteintes Herz,
gross ist die Not, gross ist der Schmerz.
Batty : Dât de ka soe gidferên,
ech schlon och neischt aus engem Stên.
Dât wât ech hun, all Mönsch et wês,
hun ech verdéngt mat mengen Schwêss.
Als Kand hun ech gespillt man Plo' ,
du mat dem Sabel, Stöllebo'.
Et dêt mér we' epps ofzeschlon.
Wât wölls de hun ? Wât wolls de son ?
Fritz : Ich hab' geseh'n jüngst in der Eck'
den wunderschönen Räucherspeck.
Batty : Du bass net domm, du häss gîer Speck.
Fir mech soll bleiw'n en alen Dreck ?
Nê, Jong, setz dir dât aus dem Kapp,
dèn ass fir d'Kanner, Mamm a Papp.
Wa mir emol "Ersatzspeck" hun
da gin ech dir gîer mat dervun.
Fritz : Herr Wirt, was mach ich mit "Ersatz" ?
Den frisst noch nicht einmal die Katz.
Batty : Da ward mol nach eng Zeitchen of,
dann îesst dir Sémîel nach als Strof.
Fritz : Den Schinken da, so hart wie Stein,
den möcht' ich haben, sagt nicht " nein ".
Bei uns ist auch das Fleisch so knapp,
Batty : Dèn häss du gîer, dât glêft de Papp.
Kuck, Fritz, so' secher ech hei stin
ge'f ech vill le'wer nach gesin
de' Hâm a menger Möschtkaul lei'n
we' dat sie gîes soll gin um Rhein.
Fritz : Schon hatt' ich mich darauf gefreut,
den Preis auch hätt' ich nicht gescheut.
Nun,....wenn es eben nicht kann sein,
was kostet denn das fette Schwein
das hinterm Haus im Stalle liegt?
Batty : Dât kriss du, wann den Hitler " siegt ",
fir 20 Mark.
Fritz : Sie machen Spass ?
Batty : Gûer net. Da gin ech denger lass.
Hûel mech beim Wûert an hîef Gedold,
ma mach op d'Schwein net viraus Schold.

I s y .

-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-:-

## ----- BRE'FKÖSCHT -----

J.P.79, Dideléng : Ere Jängi ass gutt ukomm a fro' nês a "freier" Loft ze sin.

K.K.I9I, Ettelbréck - Den Donneschteg ègent sech net gutt. Gitt le'wer Samschtes oder Me'ndes.

Lûssert, Mondorf - Geheit nömme kê Bîessen eweg. Mir brauche sie nom Krich.

L.Z.I3I7, Esch/Uelzecht - D'Geld ass ofgeliwert gin. An I0 bis I4 Dég kritt dir d'Quittong brûecht.

N° 2 ass am "Prîedegtstull" an der Pîetres gedréckt gin.